N°410
Entrée le 01.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Ech hunn observéiert wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg wärend enger Staatsvisitt oder och wärend engem Chantier ëffentlech Behënnerteparkplazen wärend Deeg gespaart oder blockéiert gi sinn. Dës Spärungen sinn ouni iergendwellech Indicatiounen op alternativ Parkplaze fir behënnert Leit duerchgefouert ginn. Et erschéngt kloer, dass net all ëffentlech Parkplaz de Besoine vu behënnerte Leit gerecht gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn et säitens dem Ministère Instruktiounen op Gemengenniveau, dass bei temporairë Spärungen dës Parkplaze musse kompenséiert ginn a behënnerte Leit eng ëffentlech Alternativ muss gebuede ginn?

2. Falls net, plangt de Ministère hei esou Iwwerleeungen ze féieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten